

# Claude Faber

Partner, Optimise S.A.
Mentor@Business Mentoring Luxembourg

**Kanns du eis kuerz de Business Mentoring presentéieren?**

Business Mentoring ass e Programm deen d'Chambre de Commerce 2009 op d'Been gestallt huet fir den transfert d'expérience a savoir être vu gestanene Manager (m/f) op Junior Entrepreneuren (m/f) ze erméiglechen. Säitdeem ass d'Zuel vu Mentoren op c.a. 50 geklommen an d'Zuel vu Mentorés am Cumul op no un 200, woubäi der haut c.a. 30 en cours sinn. Ee Binôme dauert typescherweis tëschent 12 an 18 Méint, mat Entrevue vun c.a. engem hallwen Dag pro Mount. Ech si dobäi säitdeem ech d'Chance hat deen éischten Comité de Sélection vu Mentees ze presidéieren. Confidentialitéit a Confiance, Désintéressement financier a Benevolat vum Mentor, Reussite vum Mentee an sengem Rôle als Cadre Dirigeant sinn e puer vun onse Prinzipien. Eng Rei Partenariate sinn an der Phase de Négociation wéi Chambre des Métiers, FJD, ILA. De 05.12.2019 ass Business Mentoring Luxembourg a.s.b.l. als Spin-off, mat sengem CA an engem Project Manager, constituéiert ginn an huet den ganze Programm vun der CC iwwerholl, mam weideren wichtege Support an Zesummenaarbecht vun der Chambre de Commerce via House of Entrepreneurship, an hunn d'Offer op 4 Achsen ausgebaut.

### Wéi ass de Partenariat mat der FJD zu stane komm?

Als aktive Member, och um Niveau Comité, haut Ancien, vun der FJD weess een dës flott an dynamesch Organisatioun ze schätzen. Well FJD an Business Mentoring ganz Entrepreneurship orientéiert sinn huet et mir logesch geschéngt fir de Kontakt ze sichen. Eng Entrevue virun c.a. 2 Joer huet ons erlaabt een reciproquen Interêt feststellen ze kënnen, deen dann och zu enger Kommunikatioun an der FJD gefouert huet. Ech begréissen dofir speziell dass dëse Comité déi Initiative nees opgräift fir wieder Schrëtt ze plangen an ëm ze setzen.

### Firwat ass et denger Meenung no wichteg dass d'FJD de Business Mentoring ënnerstëtzt?

Wann ech däerf, ersetzen ech ënnerstëtzen duerch zesummeschaffen, wéinst eben onsem gemeinsame Fokus op Entrepreneurship. Ech denken un Workgroups oder Events, mat reciproquen Participatiounen an Interventiounen. Doduerch gi géigesäiteg Kontakter a Vertraue geschaaften di den Recours op Mentoring färderen iwwerall wou een Entrepreneuren hëlleft. Dës Weidere kënnen Anciene vun der FJD approchéiert gi fir sech als Mentoren an ze bréngen.

Da kënnen och FJD Memberen de Wee vum Mentor aschloen an onsem Programm David, wou Thematike besti wou Junioren ee Virsprong an Expertise an Experienze op Seniors hunn.